LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°4548 vum 28. Juli 2026 vum honorabelen Deputéierte Michel Lemaire.**

*Fro 1: Huet d'Madamm Minister eng separat Ursaachenanalyse fir dës Accidenter virhuele gelooss, respektiv ass dat geplangt? Falls jo, wat waren d'Resultater, respektiv bis wéini ass domat ze rechnen? Falls net, firwat net?*

Am Joer 2017 sinn d'Kompetenze vun der Administratioun fir technesch Enquêten (AET) an deem Sënn erweidert ginn, dass säitdeem och déidlech Accidenter op der ëffentlecher Strooss an hire Kompetenzberäich falen. Dëst erlaabt der AET fir technesch Enquête bei déidleche Verkéiersaccidenter ze maachen an op Basis vun dëse Resultater Recommandatiounen ze formuléiere fir Stroossesécherheet ze verbesseren.

Ziel vun dësen techneschen Enquêten ass et also, fir duerch präzis Recommandatiounen d'Sécherheet op eise Stroossen ze verbesseren a méiglechst ze verhënneren, dass esou een oder en änlechen Accident nach emol op dëser oder ähnlechen Platzen kënne geschéien. An dësem Zesummenhang baséiert d'AET hier Analyse prioritär op déi faktesch Informatiounen déi aus der technescher Enquête stamen. E fundamentale Prinzip vun den Enquête vun der AET ass awer, dass et net der AET hier Aufgab ass fir eventuell Schëlleger oder eventuell d'Feelverhale vun den implizéierte Parteien ze analyséieren. Dëst ass d'Aufgab vun der Police an der Justiz. D'AET limitéiert dofir hier Analysen op eventuell Verbesserungsméiglechkeete wat d'Infrastruktur ugeet, oder déi op dëser Plaz gülteg Verkéiersreegelen.

Wa bei den Analyse vun der AET sollt erauskommen, dass eventuell Modifikatioune bei der Infrastruktur eng Plaz méi sécher kéinte maachen, da ginn dës Ergebnisser den nationalen Acteuren déi an der Verkéierssécherheet aktiv sinn am Kader vum Aarbechtsgrupp "Audits de Sécurité", deen ënnert dem Lead vun der Stroossebauverwaltung steet, presentéiert an diskutéiert.

Esou huet d'AET 2025 bei hiren Analyse vun den déidleche Verkéiersaccidenter 7 Accidenter analyséiert bei deenen op mannst eng Foussgängerin oder e Foussgänger ëm d'Liewe komm ass. Bei zwee vun dësen Accidenter hunn d'Analysen erginn, dass op dëse Plaze Verbesserunge vun der Infrastruktur  kéinten zur Stroossensécherheet beidroen. Dëst ass, oder wäert nach, am Kader vum uewe genannten Aarbechtsgrupp diskutéiert ginn.

*Fro 2: Kann d'Madamm Minister fir sämtlech Accidenter bäi deenen 2025 e Foussgänger involvéiert war, eng Tabell presentéieren, déi ugëtt, ob den Accident um Zebrasträifen, ënnerhalb vun der virgeschriwwener Distanz fir d'Benotze vum Zebrasträif, wäit ewech vum Zebrasträifen, an- oder ausserhalb vun enger Uertschaft stattfonnt huet an ob d'Plaz vum Accident beliicht war?*

***Tabell 1. Déidlech Accidenter mat Foussgänger*innen***

| Plaz | 2025 |
|---|---|
| Op engem Zebrasträifen | 2 |
| An der Géigend vun engem Zebrasträifen | 0 |
| Net bei engem Zebrasträifen | 5 |
| An enger Uertschaft | 3 |
| Net an enger Uertschaft | 4 |
| Plazen déi beliicht waren | 3 |

Déi Informatioun wou genee en Accident geschitt ass, läit nëmme fir déi déidlech Accidenter vir.

***Tabell 2. Accidenter tëscht Gefierer a Foussgänger*innen no der Aart vum Stroossennetz***

| Stroossennetz | 2025 |
|---|---|
| Uertschaft | 152 |
| Ausserhalb vun der Uertschaft | 13 |
| Autobunn | 3 |

***Tabell 3. Accidenter tëscht Gefierer a Foussgänger*innen no de Siichtverhältnisser***

| Siichtverhältnisser | 2025 |
|---|---|
| Dagesliicht | 105 |
| Dämmerung – keng kënschtlech Beliichtung | 1 |
| Nuecht – mat kënschtlech Beliichtung | 53 |
| Nuecht – ouni kënschtlech Beliichtung | 9 |

*Fro 3: Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi weist, wéi eng Ursaach all Kéiers fir den Zesummestouss têschent Foussgänger an engem Gefier identifizéiert gouf an ëm wéi ee Gefier et sech jeeweils gehandelt huet?*

En Accident ass allgemeng d'Resultat vun enger Kombinatioun vu verschiddene Facteuren a léisst sech nëmme seelen op eng eenzeg Ursaach zeréckféieren. Hei ënnendrënner d'Zuele vum Statec.

***Tabell 4. Accidenter tëscht Gefierer a Foussgänger*innen – Zuel vun de festgestallte Verstéiss vun de Chauffeuren***

| Verkéiersvergoen | 2025 |
|---|---|
| Warscheinlech exzessiv oder net ugepasste Vitesse | 23 |
| Fueren am Géigeverkéier | 1 |
| Net-respektéiere vun der Virfaart | 4 |
| Feeler beim Iwwerhuelen oder beim Wiessel vun der Spuer | 3 |
| Falsch oder feelend Signalisatioun | 3 |
| Net-respektéiere vun de roude Luuchten | 2 |
| Feeler beim Manövréieren (beim Ofbéien, Ëmdréien, no Hanne fueren oder Ufueren) | 7 |
| Feeler géintiwwer engem Foussgänger/enger Foussgängerin | 139 |

***Tabell 5. Accidenter tëscht Gefierer a Foussgänger*innen – Zuel vun de festgestallte Verstéiss vun de Foussgänger*innen***

| Verkéiersvergoen | 2025 |
|---|---|
| Onvirsiichtegt Betrieden vun der Strooss vum Trottoir aus | 10 |
| Ob der Strooss goen trotz der Präsenz vun engem Trottoir | 2 |
| Iwwert d'Strooss goen ouni Foussgängersträifen | 5 |
| Beweege ausserhalb vum lénkse Bord vun der Strooss | 1 |
| Net-Respektéiere vun der rouder Luucht | 2 |
| Spille vu Kanner op der Strooss | 0 |
| Betriede vun der Strooss vun hannert engem geparkte Gefier | 3 |
| Onvirsiichteg iwwert d'Strooss goen | 16 |
| Anert Verhalen, dat géint de Code de la Route verstéisst | 4 |

***<u>Tabell 6. Zuel vun den déidlechen Accidenter no Typ vum bedeelegte Gefier</u>***

| Gefierentyp | 2025 |
|---|---|
| Break (Kombi) | 1 |
| Citadine (klengen Auto) | 2 |
| Limousine | 1 |
| Camion | 2 |
| Trail-Motorrad (≤ 125 cm³) | 1 |

Och dës Informatioun läit just bei deenen déidlechen Accidenter vir.

*<u>Fro 4: Wéi dacks huet den Handy bäi deene véier Prozent Accidenter, fir déi "Onopmierksamkeet vum Foussgänger" als Ursaach identifizéiert gouf, eng Roll gespillt? Kann d'Madamm Minister sech virstellen, d'Foussgänger nieft méi klassesche Sensibiliséierungsthemen, wéi "gitt siichtbar" och verstäerkt op d'Gefor vum Handy opmierksam ze maachen?</u>*

Zuelen zu Accidenter, déi duerch Onopmierksamkeet duerch den Handy veruursaacht goufen leien dem Statec net vir. De Sujet vun der Oflenkung duerch den Handy bei Foussgänger*innen ass 2025 am Kader vun enger Campagne iwwert d'Sécherheet um Zebrasträifen thematiséiert ginn. Dëst schléisst awer net aus, dass de Sujet nach emol an enger Campagne an der Zukunft kéint en Thema ginn.

*<u>Fro 5: Préift d'Madamm Minister doriwwer eraus weider Méiglechkeeten, wéi d'Foussgänger nach besser geschützt kënne ginn? Kann d'Madamm Minister sech notamment virstellen, d'Interaktivitéit vu Foussgänger a motoriséiertem Verkéier nom Virbild vun der Eisebunn, duerch méi Unterführungen a Foussgängerbrécke méi staark ze reduzéieren, wéi bis ewell?</u>*

De Schutz vun de Foussgänger*innen an d'Verbesserung vun der Verkéierssécherheet sinn zentral Ziler bei der Planung an dem Ëmbau vun der Stroosseninfrastruktur. D'Moossnamen, déi dofir agesat ginn, mussen dobäi ëmmer un déi konkret lokal Situatioun ugepasst sinn.

Fir d'Amenagementer bannent den Uertschafte läit d'Verantwortung am Prinzip bei de Gemengen. Dëst gëllt och fir d'Organisatioun an d'Gestaltung vun de Foussgängerquerungen, déi op Staatsstroossen op Basis vun enger entspriechender „Permission de voirie" ëmgesat ginn. Hei gëtt bei der Sécherung vu Foussgängerquerungen versicht, net op Ënnerféierungen a Foussgängerbrécken zeréckzegräifen, wann aner Léisungen ëmsetzbar sinn**.** Esou Bauwierker schafen eng Trennwierkung am urbane Raum a féieren dacks zu méi laangen an manner direkte Weeër fir d'Foussgänger*innen. Dëst geet géint d'Zil, de Foussverkéier attraktiv, direkt an intuitiv ze gestalten.

Bei gréissere Reamenagementer vun enger Uertsduerchfaart oder bei Projeten, déi vum Staat initiiéiert ginn, ass d'Situatioun anescht. An dëse Fäll ginn déi geplangten Amenagementer am Virfeld mat der betraffener Gemeng ofgestëmmt an am Kader vum Projet gemeinsam affinéiert.

D'Erfarung weist ausserdeem, dass bei Ënnerféierungen oder Bréckеn, déi e wesentlechen Ëmwee bedeiten, en Deel vun de Foussgänger*innen trotzdeem versicht, d'Strooss um Niveau ze queren. An esou enger Situatioun kann déi eigentlech als Sécherheetsmoossnam geduechten Infrastruktur dozou féieren, dass onsécher Querungen op net dofir virgesinne Plaze stattfannen. Bannent den Uertschafte gëtt dofir konsequent op sécher, direkt a gutt erkennbar Querungsméiglechkeeten um Stroossenniveau gesat, kombinéiert, mat enger ugepasster Gestaltung vum Stroosseraum an, wou pertinent, enger Verkeiersberouegung.

Ausserhalb vun den Uertschafte kann eng Ënner- oder Iwwerféierung eng sënnvoll an och néideg Léisung sinn, besonnesch wann eng wichteg Foussgänger- oder Vëlosverbindung eng Strooss mat héijem Verkéiersopkommen an héije Vitessë kräizt. De Staat huet an de leschte Jore schonn esou Infrastrukture realiséiert, beispillsweis op der Schantz (Altrier), a plangt punktell och weider esou Querungen do, wou d'Verkéierssituatioun an déi lokal Verhältnisser dëst rechtfäerdegen.

Lëtzebuerg, den 18. September 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes